# Internt Schoulreglement

An der „Millermoaler Schull Eechternoach" engagéieren sech all Schoulparnter e gutt Schoulklima ze entweckelen an oprecht zeerhalen. Eis Schoulcharte vun 2012 ennersträicht d'fundamental Grondrechter vun alle Léit déi mat der Schoul ze doen hunn Vir ee gutt Schoulklima, dat e gutt Léieren erméiglecht, ass et noutwendeg, Pflichten festzehalen an ze respektéieren déi an dësem internen Schoulreglement zesummegefaasst ginn.

Kanner:

- Mir respektéieren déi verschidde Reglementer (bisous et salut, Klasseregelen, Pauseregelen, Regelen vum Schoultransport, Regelen an Noutfallsituatiounen.)

- Mir respektéieren all Schoulpartner.

    - Mir halen eis un elementar Héiflechkeetsregelen.
    - Mir lauschteren deenen anere no ouni engem an d'Wuert ze falen.
    - Mir hëllefen een deem aneren
    - Mir schléisse keen aus. (bäim Spill, bäi Aktivitéiten an der Klass, …)
    - Mir handelen ouni Gewalt, op sproochlech, psychesch oder kierperlech.(Mir streiden net, mir maache net de Geck mat deenen aneren, mir späitzen net, mir fluchen net, …)
    - Mir léien net.
    - Mir klauen net.
    - Mir klapen net.

- Mir droën derzou bäi, datt an der Schoul alles gutt verleeft.
    - Mir follegen an maachen dat, wat d'Schoulpersonal eis seet.
    - Mir brengen eis Schoul- , Turn-, a Schwammsaache mat.
    - Mir halen eis un d'Schoulzäiten.
    - Mir bewegen eis ouni Kaméidi an a ronderem d'Schoul.
    - Mir verloossen weder de Grupp (d'Klass) nach de Site vun der Schoul ouni Erlaabnis.
    - Mir spille net op den Toiletten, an de Vestiairen, Trapen a Gäng.
    - Mir verloossen d'Schoulgebäi an der Paus

- Mir passe gutt op eis an deenen aneren hier Saachen op.
    - Mir respektéieren eis Schoulgebei, d'Sportshal an de Schoulhaff.
    - Mir verbëtze kee Pabéier, kee Waasser, keen Iessen a keen Elektresch.
    - Mir geheien eisen Dreck an d'Dreckskëscht.
    - Mir raumen eis Saachen.
    - Mir hänken eis Kleeder un d'Mantelbriet.

Léierpersonal:

- Mir kennen eis Reglementer a mir respektéieren se. (règlement grand-ducal du 7 mai 2009 concernant les règles de conduite et l'ordre intérieur communs à toutes les écoles, règlement de surveillance, bisous et salut, …).

- Mir respektéieren all Schoulpartner.
  - Mir halen eis un elementar Héiflechkeetsregelen.
  - Mir handelen responsable, solidaresch an gerecht.
  - Mir gi mam gudde Beispill vir.
  - Mir hunn een open Ouer vir d'Suergen an Uleiëss vun all Schoulpartner.
  - Mir sinn op vir Gespréicher a respektéieren deenen aner Leit hier Meenung.
  - Mir uechten op eis Behuelen, Ausgesinn an op eis Ausdrocksweis.
  - Mir ënnerstëtzen eis géigesäiteg.

- Mir suergen vir ee geregelten Oflaf vum Schoulalldag.
  - Mir halen eis un dat, wat mir gesot hunn.
  - Mir weisen Equipegeescht.
  - Mir si flexibel an op vir all Virschléi.
  - Mir halen eis u virgeschriwwen Zäiten.
  - Mir halen eng aktiv Surveillance.
- Mir respektéieren d'Material an d'schoulesch Infrastrukturen.
  - Mir halen eis Ëmwelt propper.
  - Mir verbëtze kee Pabéier, kee Waasser a keen Elektresch.
  - Mir gi geléinte Saachen zréck.

Elteren:

- Mir kennen déi verschidde Reglementer a mir respektéieren se. (règlement grand-ducal du 7 mai 2009 concernant les règles de conduite et l'ordre intérieur communs à toutes les écoles, règlement de surveillance, bisous et salut, …).

- Mir respektéieren all Schoulpartner.
  - Mir handelen responsable, solidaresch an gerecht.
  - Mir gi mam gudde Beispill vir.
  - Mir hunn een open Ouer vir d'Suergen an Uleiëss vun all Schoulpartner.
  - Mir sinn op vir Gespréicher a respektéieren deenen aner Leit hier Meenung.
- Mir droën zu engem geregelten Oflaf vum Schoulalldag bäi.
  - Mir ënnerstëtzen eis Kanner bäim Léieren.
  - Mir interesséieren eis vir d'Efforten an déi schoulesch Entwécklung vun eise Kanner.
  - Mir schaffen een Emfeld an eng Atmosphär, wou eis Kanner gutt léiere kënnen.
  - Mir ginn eise Kanner eppes Gesondes mat fir z'iessen an ze drénken.
  - Mir halen eis un dat, wat mir gesot hunn.
  - Mir halen eis u virgeschriwwen Zäiten.
  - Mir halen eis u virgeschriwwen Délaien, besonnesch wat d'Aschreiwunge ugeet.
  - Mir halen eis Rendez-vousen an.
  - Mir huelen regelméißeg u de Versammlungen deel: Informatiounsversammlungen, Elteregespréicher, virun allem un de Bilansgespréicher.